



gen, awer och eng Konsequenz vun der wuessender Bedeitung vum südamerikanesche Kontinent fir eist Land a fir eis Économie. D'Ambassad erlaabt eis fir d'Éischt, eis Relatioun mat Brasilien ze verdéiwen. An enger zweeter Phas siche mer dann och mat der Ambassade Coaccreditatioun mat anere Länner a Südamerika, déi ëmmer méi wichteg ginn.

Här President, d'Enwécklung vum der allgemenger Sécherheetslag am Osten an am Süde vun Europa hunn d'Verdeedegungsbündnis NATO derzou gezwongen, zënter dem Sommer zu Wales 2014 seng Haltung unzepassen a virun allem eis ëstlech Alliéiert ze rassuréieren. De Sommer vu Warschau am Summer d'lescht Joer huet dese Schrëtt reaffirméiert a weider Decisiounen an dës Richtung geholl.

Lëtzebuerg dréit säin Deel derzou bäi a bedeelegt sech aktiv un de Reassurancemesuren, notament un den NATO-Truppen, déi jo a Litauen wäerte stationéiert sinn. Als verlässlechen an och vertrauenswuerdege Partner ënnersträicht Lëtzebuerg domadder seng Solidaritéit, Här President, mat sengen Alliéierten an eise Partnerstaten. Lëtzebuerg wäert och déi néideg Efforte maachen, fir den Engagementer vu Wales nozekommen. D'Chamber ass an dëser Hissicht jo och d'lescht Woch schonn ausféierlech domadder befaasst ginn.

Diskussiounen an der NATO dierfe sech awer, Här President, fir déi nächst zéng Joer net nëmmen op d'Fro vun den 2% fokusséieren. Sécherheet ass méi wéi nëmmen Defense. Ee Land wéi Lëtzebuerg, wat 1% vu sengem RNB fir d'Entwécklungshëllef gëtt, leescht ee bedeiende Bäitrag, ee preventive Bäitrag fir eng méi friddelech Welt. Dës Welt kann dausendmol elo mat bestoenden Nuklearwaffen zerstéiert ginn, vum Oste wéi vum Westen.

Ofrüstung, allgemeng gesinn, géif hëllefen, der Aarmut weltwäit kënnen d'Stir ze bidden. Géif all Land op der Welt net 2% fir seng Defense ausginn, mä just 1% fir d'Entwécklungshëllef, géif et Milliounen Leit op dëser Welt besser goen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.* - An den nächste Joren, wann déi lescht Ratifikatiounsprozeduren ofgeschloss sinn, wäerte mir de Montenegro als 29 Alliéierte wëllkomm heeschen. Dës Erweiderung ënnersträicht net nëmmen déi wichteg Fortschrëtt, déi dëst Land am Beräich vun der Reforme vu senger Sécherheetskäften a senger Arméi gemaach huet, mä och dass d'europäesch Efforten an den Engagement vun der internationaler Communautéit am Westbalkan seng Friichte gedroen huet a mir dëser Regioun zu Stabilitéit a Fridde verhollef hunn.

Här President, Lëtzebuerg setzt sech och weiderhi fir eng méi sécher Welt mat manner Waffen an. Mir bedeelegen eis an deem Sënn aktiv un Initiativen, deenen hiert Ziel d'Ofrüstung vu spezifesche Waffekategorien ass, souwéi d'Begrenzung vun eenzelne Rüstungssystemer. An deem Beräich hale mir besonnesch dru fest, dass d'Fortschrëtt op der Basis vu bindenden Traitéen a Konventionen erreecht ginn, déi daitlech a kloer Kritäre festleeën, déi d'Staten zu konkreten Ziler engagéieren.

Gemeinsam mat eisen diverse Partner huet Lëtzebuerg 2014 de Vertrag iwwert de Waffenhandel, kuerz den ATT, Arms Trade Treaty, ratifizéiert a setzt dësen zënter sengem Akraaftriede virun zwee Joer och ëm.

Mir hunn och duerfir een deementsprieche Projekt de loi deposéiert, deen eisen Exportkontrollsystem weider renforcéiert. Dat ass wichteg. Mir hoffen, dass d'Chamber an den nächste Méint d'Aarbechte vun deem Projekt och kann ofschléissen.

D'Sécherheetslag an Asien ass vun enger weiderer besonnescher Gefor, an ech weess net, ob dat sech eleng nëmmen op Asien reduzéiert, gezechent. Nordkorea huet d'lescht Joer net manner wéi 25 balistesche Rakéite lancéiert an zwee Nukleartester gemaach.

Dës Aktiounen destabiliséieren net nëmmen d'koreanesch Hallefinsel a stellen eng Menace fir eisen alliéierte Südkorea duer, mä si veronféieren dee ganzen osiatiesche Raum an och ëmmer méi d'international Gemeinschaft am breede Sënn. Munch vun de geteste Rakéite kéinte souwuel d'amerikanesch Westküst wéi och d'europäesch Unioun errechen. Dëst ass eng Gefor, déi mer eescht huele mussen.

An der UNO wéi och an der Europäescher Unioun wäert Lëtzebuerg sech weiderhin engagéieren, fir den Drock op den nordkoreanesche Regim heichzehalen. Wann de Regim zu Pjongjang seng Ambitiounen, en nukleart Waffenarsenal opzebauen, bereet wier opzeginn, da si mir iwwerzeegt dervunner, dass

iwwert de Wee vu Verhandlungen de Konflikt op der koreanescher Hallefinsel och kéint friddelech geléist ginn.

Am Kader vun der gemeinsamer Sécherheets- a Verteidigungspolitik engagéiert Lëtzebuerg sech och weiderhin an de verschidde Missionen, déi d'europäesch Unioun an Drëttstate leet, fir Konflikter ze léisen. Un d'Mission EUNAVFOR MED kontribuéiert Lëtzebuerg ee Patroulléier iwwer en „public private partnership“ an ënnerstëtzt finanziell d'Ausbildung vun de Grenzschrëtzter un der libescher Küst.

Des Weidere sinn zwee Lëtzeburger Ënneroffizier an der EU-Trainingsmission am Mali tätég, fir d'malesch Arméi auszebilden. Och am ziville Beräich hält Lëtzebuerg u Missionen deel, wéi zum Beispill an de leschte Joren am Kosovo EULEX, am Niger EUCAP Sahel, am Mali EUCAP Sahel, an och an der Ukrain EUAM.

Den Ablack sinn dräi Lëtzeburger Polizisten am Sahel am Asaz, een am Mali an zwee am Niger. D'Participatioun un den ziville Missionen bleift eng Prioritéit vun dëser Regierung, well et dee logesche Complement ass, fir eng Konfliktsituatioun laangfristeg ze stabiliséieren.

Mir setzen eis domadder aktiv derfir an, d'Rechtsstaatlechkeet an deene betraffene Länner opzebauen, an hinnen esou um Wee hin zu enger demokratescher, stabiller Statsform ze hëllefen.

D'Zesummenaarbecht, Här President, mat de Benelux-Länner bleift ee ganz wichtige Vektor vun eiser aussepolitische Aktioun, sief et op grenziwwerschreidende Projeten oder op internationalem Niveau. Am Kader vun der Presidence vum Ministerrot vun der Benelux-Unioun hat Lëtzebuerg sech dräi grouss Prioritéite gesat: d'Mobilitéit an d'Sécherheet vun de Persoune verbessern, Ëmweltschutz promouvéieren an och de Bannemaart weider verdéiwen. Mir hunn do konkret Initiative geholl, déi eise Bierger zeguttkommen, a se erlaben dem Benelux weiderhin, senger Roll als europäesche Laboratoire nozekommen.

Här President, de Bierger steet och am Mëttelpunkt vun der Presidence vun der Groussregioun, déi Lëtzebuerg den 1. Januar iwwerholl huet. Den Ausseministère huet an deem Dossier dem Departement vun der Groussregioun, am Kader vu senger Kompetenzen, seng aktiv Ënnerstëtzung ugebueden. An eis Equipe wäerten och enk zesummeschaffen.

De Siège um Kierchbierg: Als État hôte vu verschidde europäeschen Institutionen an Organisme setzt Lëtzebuerg weiderhin alles drun, fir de Leit, déi do schaffen, déi beschtméiglech Aarbechts- a Liewensbedéngungen ze garantéieren. Vun engem wirtschaftlechen, sozialen a kulturelle Standpunkt ass d'Präsenz vun ongeféier 14.000 - mir mussen dat ënnersträichen - 14.000 EU-Beamten an hire Familljen ee wichteg Element fir eist Land.

Um Niveau vun de Bauprojeten schafft d'Regierung elo momentan enk mat der Commission um Projet Jean-Monnet-II. D'Madamm Buergermeeschter vun der Stad wénkt, dann ass dat esou. D'Finanzgesetz dozou gouf jo och de 17. November 2016 hei an der Chamber ugeholl. De Projet gëtt an zwou Phase realiséiert an d'Endresultat wäert och eng funktionell an homogen Léisung fir déi ronn 3.000 betraffe Mitarbeiter duerstellen, déi den Ament op verschidde Sitten um Kierchbierg an och op der Cloche d'Or verspreet sinn.

Wat d'Kommission ugeet, wollt ech och nach soen, dass mer och aner Elementer vum Accord, deen ech am Dezember 2015 mat der Vizepräsidentin Kristalina Georgieva ofgeschloss hat, amgaange sinn ëmzesetzen oder souguer schonn ëmgasat hunn. Esou gouf zum Beispill der Kommission hiren neien Datenzenter zu Betzdorf jo den 12. Dezember a Präsenz vum Kommissär Oettinger ageweit. D'europäesch Parlament kënnt, mat der Ënnerstëtzung vum Lëtzeburger Stat, och gutt viru mat den Aarbechten an hirem neie Gebai, dem Konrad-Adenauer-II. Datselwecht gëllt fir den drëtten Tuerm vum Europäesche Gerichtshaff. D'Plangungsarbechte fir de Sëtz vun der Cour d'appel a vun der neier Jurisdiction unifié vum Brevet kruten een Ament Retard wéinst dem brittesche Referendum d'lescht Joer. Mer sinn awer entre-temps nees weiderkomm. A mir erwaarden eis, dass dës nei Jurisdiction dann och dëst Joer hei zu Lëtzebuerg ka mat hiren Aarbechten ufänken.

Här President, déi al Divisiounen tëschent Norden a Süden, Osten a Westen, aarmen a räiche Länner schéngen ëmmer méi enger anerer, fundamentaler Divisioun Plaz ze maachen, an zwar där tëschent autoritären an demokrateschen Staten, tëschent zouenen an oppene Gesellschaften. Si ass tëschent deenen, op där enger Säit, déi dru gleewen, dass d'Muecht an

d'Transaktionen den internationale System regéiere sollen, an deenen, op där anerer Säit, déi wéi mir dru gleewen, dass international Bezéiungen op kloer rechtsstaatleche Regeln an Norme fondéiert musse sinn. Dacks sinn déi autoritär Staten nationalistesch gepräagt an hunn eng Weltusiicht, déi een Nullzommespill ass. Déi demokratesch State gleewen dogéint un de Wäert vun der internationaler Zesummenaarbecht, fir zesummen d'Problemer ze léisen.

Nom Enn vum Zweete Weltkrich hu mer eis Welt nei opgebaut. Mir hunn eis international Organisation ginn, déi verhënnere sollten, dass eng drëtte Kéier e Krich géint d'Menschheet géif ugoen. De kollektiven Trauma vun der Schoah a vum Verloscht vu 60 Milliounen Mënscheliwen am Krich op där enger Säit, d'Angscht virun der absolutter Zerféierungskraaft vun den Atomwaffen op där anerer Säit waren eigentlech d'Grundsteng fir d'Charta vun de Vereenten Nationen, d'Charta, an där d'mënschlech Wäert an d'Souveränitéit vun de State consacréiert goufen, an där d'Gläichheet tëschent alle Mënschen gradesou wéi d'souverän Egalitéit tëschent alle Staten, grouss a kleng, ee fir allemol festgehal gouf.

Dësen internationale System steet um Spill, wa Staten d'Mënscherechter net respektéieren. A ronderëm d'Welt erliewe mer am Moment eng Verschlechterung vun der Situatioun vun den zivillen an och vun de politesche Rechter zesumme mat engem erëm Opflame vu Konflikter. Weltwäit gëtt den Espace fir d'Zivillgesellschaft méi kleng. Déi Leit, déi d'Mënscherechter verteidige gi selwer Affen vun Intimidatioun a vu Gewalt. Souguer virum Mënscherechtsrot a virun der Generalversammlung vun der UNO ginn d'Organisationen vun der Zivillgesellschaft ugegraff. Den internationale Mënschrechtssystem selwer gëtt attackéiert. Ëmmer méi State verbidden de Servicer vum héije Kommissär fir d'Mënscherechter, deen ech den 20. Januar hei zu Lëtzebuerg empfaange konnt, den Accès a kooperéieren net méi mat de Mandatäre vun de spezielle Procedure vum Mënscherechtsrot.

Lëtzebuerg ass, wéi Der vläicht wësst, Kandidat fir de Mënscherechtsrot fir d'Joren 2022 bis 2024. Et ass déi éischt Kandidatur vun eis fir dee Rot, deen 2006 an d'Liewe geruff gouf an ee wichteg subsidiäert Organ vun der Generalversammlung vun de Vereenten Nationen ass. Esou wéi mer 2013 an 2014 een engagéierte Member vum Weltsécherheetsrot waren, wëlle mer en engagéierten a couragéierte Member vum héchsten UNO-Gremium fir d'Promotioun a fir de Schutz vun de Mënscherechter ginn.

Ze gleewen, dass déi international souwéi déi national Acquisen, Här President, vun der Rechtsstaatlechkeet a vun der Demokratie onwidderrüflech sinn, wier e schwéiere strategesche Feeler. Esou wéi déi Generatiounen virun eis an zwee Weltkricher fir d'Fräiheet an d'Gerechtigkeit a géint de Faschismus an den Autoritarismus gekämpft hunn, esou mussen mir och elo prett sinn, fir eis Wäerter, international Obligationen a Prinzipie vun eise friddelechen Zesummeliwen als Mënschen an als international Statgemeinschaft ze kämpfen.

De Franz Kafka sot a sengem Roman „Der Prozess“, deen hien am Éischte Weltkrich geschriwwen huet: „Die Lüge wird zur Weltordnung gemacht.“ Dee Saz ass och haut nach ëmmer ganz aktuell, oder erëm ganz aktuell. Mä mir mussen eis dogéint wieren. Well ouni ee Minimum vu gemeinsamem Realitéitssënn a Vertraue wär d'Welt net gutt opgestallt, fir den nächste Generatiounen eng Perspektiv ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Ausseminister.

D'Debatten iwwert d'Erklärung zur Europa- an Aussepolitik fanne muer de Mëtten ab zwou Auer statt. Merci.

5. Nomination d'un médiateur

A mer géifen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergeen. Et geet drëm, dass d'Chamber en neie Mediateur, en neien Ombudsmann nennt. An dozou vläicht e puer Informatiounen. Esou wéi d'Gesetz vum 22. August 2003 iwwert de Mediateur an d'Artikelen 127 bis 131 vum Chambersreglement et virgesinn, bestëmmt d'Chamber elo deen neie Mediateur. No den Dispositiounen vun den Artikelen 128 an 129 vum eise Reglement huet d'Präsidentekonferenz eng Kandidatëlëscht mat fënnf Kandidaten arrétéiert. D'Lescht vun de Kandidaten, déi nach en lice sinn, ass un d'Deputéiert verdeelt ginn. D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Also, et gëtt keng Procuratiounen bei där doter Wiel.

Nëmmen d'Votten iwwert déi offiziell deponeiert an zréckbehal Kandidature si valabel. Dir sidd also gebieden, fir Iech um Wahlziedel fir ee Kandidat ze entscheeden.

(Brouhaha)

Wa mer senger Liewe beim éischten Tour kee Kandidat hätten, deen déi absolut Majoritéit kritt, kënnt et zu engem Ballottage, an deem déi zwee Kandidaten nach en lice sinn, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmme kruten.

Vote secret sur les candidats au poste de médiateur

Ech wollt och, ier ech elo gläich d'Nimm vun de Kolleegen opruffen, e puer Kolleegen entschëllegen, déi vun engem Stierfall an der Famill getraff sinn an dofir en bonne et due forme hei entschëllegt sinn. Ech wollt och gläichzäitig de Kolleeg Wiseler, Mergen a Roth eist härelecht Bäileed ausdrécken.

Ech géif dann, wann d'Ofstëmmung eriwuer ass, d'Nimm vun de Kolleeginnen a Kolleegen opruffen.

Appel nominal

Kolleegen, ech géif d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen, bis dass mer ausgeziedt hunn.

(La séance publique est suspendue à 16.17 heures)

(La séance publique est reprise à 16.24 heures)

An d'Sëtzung ass erëm op. Hei ass d'Resultat vun der Ofstëmmung. Mer hate 54 Bulletinen. Dorënner 5 Bulletins blanc. Also 49 Bulletinen, wou ofgestëmmt gouf. D'absolut Majoritéit louch, bei 54 Leit, déi ofgestëmmt hunn, bei 28. A mer hu folgend Resultat: D'Madamm Claudia Monti mat 35 Stëmmen, den Här Jan Kayser mat 9 Stëmmen, d'Madamm Catherine Thomé mat 4 Stëmmen, d'Madamm Christiane Weidenhaupt mat enger Stëmm an den Här Aniset Luc ouni Stëmmen.

Domat wär d'Resultat kloer an d'Madamm Claudia Monti wär nom Choix vun der Chamber déi nei Mediatrice.

(Applaudissements)

Voilà, Kolleegen, da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergeen, zum Projet de loi 6854. Et ass de Projet iwwert d'Hëllefen am Beräich vun der Fuerschung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vum Projet, den honorabelen Här Franz Fayot.

6. 6854 - Projet de loi ayant pour objet

1. le renouvellement des régimes d'aides à la recherche, au développement et à l'innovation;

2. les missions de l'Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche;

et modifiant la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur.* - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Madamm Stattssekretärin, an engem Land wéi Lëtzebuerg, dat sech resolut der drëtter industrieller Revolutioun verschriwwen huet, ass eng staark Fuerschung an Innovatioun e Must. Fir dass déi smart an diversifiéiert Wirtschaft, un där eist Land schafft, Realitéit gëtt, brauche mer innovativ Produkter a Léisungen. An déi entstinn an engem Ëmfeld, wou d'Fuerschung an d'Privatwirtschaft effizient zesummeschaffen.

Ee vun de Mëttele vun der Politik, fir esou en Ëmfeld ze schafen, sinn d'Subventiounen, déi de Stat entweder direkt oder duerch Agencé ka verginn. D'EU huet an deem Beräich vun der RDI 2014 en neit Reglement 651/2014 adoptéiert an e Règlement général, deen dat accompagnéiert. An et ass un dee Kader, wou mer eis Legislatioun haut duerch dese Projet upassen.

Dir wësst, dass d'Recherche et innovation ee vun deene véier Beräicher ass, wou d'Aides d'État an der EU erlaabt sinn. Déi aner dräi, just zur Erënnerung, sinn d'Énergie an d'Ëmwelt, d'PMEen, déi jo och elo hei an dese Volet mat



erageholl ginn, a strukturaarm Regiounen, dat ass de Projet de loi 6853, mat deem mer och an der Ekonomieskommissioun befaasst sinn an den och elo deemnächst eng Kéier hei an de Plenum kënn.

Déi politesch Ambitioun hannert dësem Gesetz ass et, den Investissement generell an der Recherche eropzefueren duerch besser Zesummearbecht tëscht ëffentleche Stellen a Privatwirtschaft. Dat affichéiert Zil, dat am PNR vum leschte Joer nach eng Kéier verëffentlecht ginn ass, ass et, bis 2020 op e Gesamtopwand vun tëschtent 2,3% an 2,6% vum PIB ze kommen. An dovun zollen 0,7% bis 0,9% aus dem Privatsektor kommen.

Fir den Ament, an dat wëssen och déi meescht vun lech, gi mer ongeféier 1,1% vum PIB fir Recherche an Développement aus. Mir sinn also nach relativ wäit vum Schoss. Dat ass zwar net schlecht an et ass iwwert d'Joren ëmmer weider geklomm, mä an deene leschte Joren huet den Undeel vun der privater Recherche nogelooss an en ass haut relativ niddreg. An et ass genee dorun, wou mer mussen schaffen. An et ass och do, wou dat Gesetz hei usetzt.

Am Résumé beinhalt dëst Gesetz dräi Haaptännerungen: Déi éischt ass eng Vereinfachung fir Kleng- a Mëttelbetriber. Vun néng Régimes d'aides ass op ee reduzéiert ginn. Dat mécht den Accès an d'Veständnis vun dëser Matière méi einfach.

Zweetens kritt Luxinnovation nei Missiounen. Fir kleng Dossiere vu 50.000 bis 100.000 Euro ka Luxinnovation eegestänneg an also méi schnell agéieren. Bei Hëllef vum manner wéi 200.000 Euro kritt Luxinnovation eng Roll vun Agence de financement a kritt eng Dotatioun per Konventioun.

An drëttens bilt dëst Gesetz d'Basis fir déi ganz Recherche, Développement an Innovation, sief et fir den Artisanat, de Commerce, de FinTech, den Healthtech an all déi aner Beräicher, an déi d'Lëtzebuurger Regierung privilegiert investiert.

Dëst Gesetz vereenegt also déi ganz Matière.

De Projet de loi mat der Nummer 6854 ass den 12. August 2015 vum Wirtschaftsministère deposéiert ginn. Wéi gesot, d'Zil vun dësem Projet ass et, déi nei Hëllefssystemer fir d'Promotioun vun der Fuerschung, der Entwécklung an der Innovatioun anzeféieren, an dat am Aklang mat deenen zwee europäeschen Texter, déi ech scho virdru genannt hunn.

Suite vum Akraaftriede vum Règlement 651/2014 gëtt och d'Gesetz vum 5. Juni 2009 iwwert d'Promotioun vun der Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun, souwéi den Artikel 5 vum geännerte Gesetz vum 30. Juni 2004 iwwert d'Kreatioun vun Hëllefssystemen zugonschte vu PMEen mat dësem Gesetzesprojet erëm an Aklang bruecht.

Zousätzlech ginn an dësem Gesetzesprojet eng Rei Recommandatiounen an Evaluatiounen, déi an deene leschte Jore vun nationale wéi och internationalen Akteuren un d'Lëtzebuurger Regime (veuillez lire: Regierung) adresséiert goufen, mat consideréiert a mat ëmgasat.

Wat d'Forme vun den Hëlfeën ugeet, esou ginn zousätzlech zu den aktuelle klassische Subside mat dësem Gesetz nei Hëlfeëninstrumenter geschaaft. Mat dësem Gesetz sollen all d'Méiglechkeeten, déi den europäesche Kader hiergëtt, ausgeschöpft ginn, fir der Recherche, der Fuerschung an der Innovatioun finanziell Hëlfeën zoukommen ze loossen an, wéi gesot, virun allem d'Ausgaben am Beräich vun der Fuerschung an der Entwécklung vun de private Betriber ze héijen.

Mat dësem Gesetz sollen also d'Betriber weiderhin encouragéiert ginn, fir souwuel an d'Entwécklung vun neie Servicer a Produite wéi och a verbessert Produktiounsmethoden ze investéieren. Weider sollen och déi multisectoriell Spezialisatiounen a verschidde Beräicher incitéiert ginn.

Eent vun deene wichtigsten Instrumenter, op dat gesat gëtt, si Partnerschaften zwëschen Entreprises aus dem private Sektor an den ëffentleche Fuerschungslaboren.

E rezent Beispill, dat Der vläicht matkritt hutt, ass dee pluriannuelle Kooperationsprogramm tëscht Goodyear an dem LIST, dee viru Kuerzem annoncéiert gouf. Dat ass en ambitiöse Programm mat der Goodyear, wat jo am Fong dee Betrib mat deem gréissten R&D-Departement ass, an et sinn där Partneriater, där nach méi sollen an deenen nächste Joren hei am Fong duerch dëst Gesetz incitéiert ginn.

E weidert Zil vum Gesetz ass et, den administrativen Zougang zu finanziellen Hëlfeën ze vereinfachen. Dofir kritt Luxinnovation GIE de Statut vun der verantwortlicher Finanzagence fir all déi finanziell Subsidien, déi, wéi gesot, ënner 200.000 Euro leien. An och d'Evaluatiounen vun dëse verschidde Hëlfeënregimern, déi mat dësem Gesetz entstinn, gi weider verstärkt.

Här President, den Hannergrond vun dësem Gesetzestext ass deen, dass sech an deene leschte 15 Joer de Lëtzebuurger System vun der RDI staark entwéckelt a strukturéiert huet a mëttlerweil eng kritesch Gréisst erreecht huet. Dorobber ass elo deementsprechend reagéiert ginn an de Regime vun Hëlfeën fir d'Recherche an d'Innovatioun ugepasst ginn.

Am Ufank hate mer hei zu Lëtzebuerg just Fuerschungs- an Entwécklungsaktivitéiten vun e puer grouse Multinationellen. Dunn huet sech mat der Kreatioun vun de CRPen an der Uni Lëtzebuerg och d'Recherche fondamentale en place gesat an d'Fuerschungsaktivitéiten verstärkt. Déi ëffentlech Fuerschung ass du progressiv zu enger politescher Prioritéit vun der Regierung ginn, obwuel hei nach Loft no uewen ass. An ech kommen zum Schluss nach eng Kéier kuerz op dës Remarque zréck.

Kontrakter mat Fuerschungsinstituter wéi zum Beispill Luxinnovation, mä och Reforme wéi d'Fusioun tëschent dem Institut Henri Tudor a Gabriel Lippmann mam Luxembourg Institute of Science and Technology (veuillez lire: tëschent dem Institut Henri Tudor a Gabriel Lippmann zum Luxembourg Institute of Science and Technology), d'Integratioun vun der Bio-Bank an den LIH, wéi och rezent d'Reform vum Fonds national de la recherche sinn alleguer Reformen, déi weiderhin zu enger staarker Entwécklung vum Fuerschungs- an Entwécklungssektor bäidroen.

D'Fuerschung, d'Entwécklung an d'Innovatioun hei zu Lëtzebuerg hu sech an deene leschte Jore villen Evaluatiounen ënnerbreet. Ech hunn dat schonn am Ufank ugedeit. Sou zum Beispill vun der OCDE, déi nach 2015 e Rapport publizéiert huet, der EU, dem nationale Conseil économique et social, mä och der Chambre de Commerce. Déi Lëtzebuurger Ziler am Kader vun der Strategie Europa 2020 wéi och d'Entwécklung vun den europäeschen Dispositiounen iwwert d'staatlech Hëlfeën fir d'Recherche an d'Innovatioun si weider Contrainten, déi an der Evolutioun vun dësem Sektor mussen consideréiert ginn.

Fir déi strategesch Objektivier ze erreechen, ginn, wéi gesot, all d'Subventionsméiglechkeeten fir d'Recherche, d'Entwécklung an d'Innovatioun benotzt, déi dëst neit Règlement ofréiert. D'Tauxen a Montants plafonds sinn zudeem vun Notifikatiounen un d'Europäesch Kommissioun ausgeschloss.

Wéi och scho virdru erwähnt ass d'Zil vun dësem Gesetzestext, d'Betriber, wéi gesot, weiderhin ze encouragéieren, fir an nei Servicer a Produiten, a verbessert Produktiounsmethoden, awer och an déi multisectoriell Spezialisatiounen a prioritär Beräicher ze investéieren.

Nach eng Kéier zur Erënnung: Wat sinn déi Beräicher? Dat sinn, éischstens, nohaltig Technologien, Technologie vum Liewen - déi sougenannten Healthtech oder Biotech -, Logistik, Raumtechnologien, Automobilbranche an Informatiouns- a Kommunikationtechnologien.

Wéi och scho gesot, ginn d'Partnerschaften tëschent den Entreprises aus dem Privatsektor an den ëffentleche Laboren weider encouragéiert. Dat zum Beispill duerch d'Erhéijung vum Taux maximal bei Kollaboratiounen am Kader vu Projeten an der Recherche an der Entwécklung.

Fir dës Ambitiounen och a Chifferen ze faassen, gëtt hei viséiert, dass amplaz wéi aktuell all

Joers zéng Kollaboratiounsprojeten ze maachen, kënneg 20 där Projete solle gemaach ginn. E weidert Zil ass et, an Zukunft sougenannte Capacitéitsinnovatiounen ze lancéieren, an d'Objektiv ass an deem Kontext, fir bis 2020 véier weider Centres d'excellence ze bauen, dovun zwee bis 2018.

Här President, ech géif just gär ganz kuerz op déi verschidde Avisen agoen. In extenso kënn Der déi a mengem schrëftleche Rapport noliessen. Deen éischten Avis ass dee vun der Chambre de Commerce. D'Chambre de Commerce huet generell positiv op dëse Gesetzesprojet reagéiert. Si begréisst dësen Text. Si seet, dass d'Efforten, déi am Beräich vun den Ausgäbe gemaach ginn, als signifikativ kënnen bezechent ginn. Si begréisst och déi nei Palett vun Hëlfeënregimern, déi mat dësem Gesetzestext a Kraaft trieden. Si ënnersträicht awer, dass déi nei finanziell Hëlfeën eleng net duerginn, fir dës Ziler ze erreechen, an dass ee soll méi staark a systematesch Evaluatiounen eragoen, fir a regelméisseg Intervallen d'Efforten an och d'Schwächte vun deenen Hëlfeën ze analyséieren, fir da gegebenenfalls de System ze verbesseren an ze adaptéieren.

Wat d'Avis vum Statsrot ugeet, sou hu mer dës Avisen am Detail an der Kommissioun studéiert a mir sinn och drop agaangen. A sengem Haaptavis vum 24. Mee 2016 huet de Statsrot eng Rei Opposition-formellen opgeworf. Ouni elo an den Detail ze goen, handelt et sech hei haaptsächlech ëm Froen vu Cadrage normatif an ëm Rechtsongesicherheeten duerch Verweis op den europäesche Règlement, wou de Statsrot dat dann all Kéiers kritiséiert huet.

Als Konklusioun, Här President, léif Kollegen, léif Kolleegen, géif ech gär soen, dass et, mengen ech, relativ kloer ass, dass kreativ an innovativ Entrepreneuren haaptsächlech op Lëtzebuerg kommen, wa se hei e favorabelt Ëmfeld fannen. An e favorabelt Ëmfeld ass en Ëmfeld, wou Ekosystemer bestinn, wou et gutt Centre-de-recherchë gëtt, wou et eng gutt Kooperatioun gëtt mat deenen ëffentleche Rechercheinstituter. Dozou gehéieren, haaptsächlech fir Start-uppen, awer och finanziell a materiell Hëlfeën, mä och d'Berodung an den Austausch mat aneren Entrepreneuren. Fir dësen Ekosystem ze realiséieren, ass dëst Gesetz e wichteg Instrument.

Zum Schluss géif ech der Statssekretärin an och der Regierung nach gär véier (veuillez lire: dräi) Punkte mat op de Wee ginn, a vläicht ka se och kuerz an hirer Ried zum Schluss vun dëser Debatt dorobber agoen. Deen éischte Punkt ass deen, an ech hunn dat scho virdru indiquéiert, dass zu Lëtzebuerg, trotz deene groussen Efforten, déi gemaach gi sinn, nach Loft no uewe besteet.

Am internationale Verglach gesäit een, dass mer, wat eisen Invest ugeet, fir de Moment bei 1,2% vum PIB leien. Am Verglach ass d'EU-Moyenne bei 1,9%. An d'Moyenne an der OCDE läit souguer bei 2,3%. Wat verschidde vun eisen direkten Noperen ugeet, esou gesi mer, dass an der Belsch den Investissement 2,5% bedréit an an Däitschland souguer 2,8%. An ech mengen also, dass hei, wéi gesot, nach kënnen Efforte gemaach ginn, obwuel an deene leschte Joren do scho ganz vill a gutt geschafft ginn ass.

Zweete Punkt. Verschidde Beräicher, an dat ass am Prolongement vun deem éischten Punkt, brauche méi Investissementer wéi aner, wéi zum Beispill de Beräich vum Biotech. Do gëtt et nach kee grouse privaten Ekosystem, deen de Relais kéint bilde fir déi ëffentlech Recherche. An ech mengen, dass hei an der Kooperatioun tëschent dem LCSB, der Uni, dem Centre de recherche, dat heescht dem LIH an dem FNR, nach Verschiddenes kéint verbessert ginn, fir och dëse Sektor méi performant ze maachen.

An de leschte Punkt, deen ech wollt (veuillez lire: uschwätzen), wou ech am Fong éischer eng Fro un d'Regierung hunn, dat ass d'Fro vun deem Régime fiscal fir d'Business angels, dee jo ugeduecht ass, mengen ech, a wou d'Regierung wollt eng Initiativ huelen, fir am Fong Suen an de Sektor vun de Start-uppen

ze drainéieren; innovative Start-uppen, méiglecherweis mat engem fiskalen Incitatif. An ech wär frou, wa mer dozou vläicht kéinten e puer Informatiounen kréien.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet elo direkt den Här Gloden.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport.

Här President, eng vun de wichtigste Matièrepremiéren hei zu Lëtzebuerg ass eis Matière grise. An den 80er Joren ass erkannt ginn, datt d'Recherche an d'Innovatioun wesentlech zur wirtschaftlecher Entwécklung vun eise Land bäidroen kënnen. Wéi steet et um Internetsite am Mot de bienvenue vum Jean-Paul Schuler, CEO vu Luxinnovation? «La recherche et l'innovation sont aujourd'hui reconnues comme étant des leviers puissants du développement économique. (...) Passons ensemble de l'idée à l'action!» Dee Slogan ass och de Fil rouge, deen dat hei Gesetz durchleef.

Haut hu mer d'Gesetz vum 5. Juni 2009 iwwert d'Promotioun vun der Recherche, dem Développement an der Innovatioun souwéi den Artikel 5 vum Gesetz vum 30. Juni 2004 iwwert de generelle Kader fir d'Régimes d'aides en faveur vun de Kleng- a Mëttelbetriber.

De Projet de loi 6854 dréit dem europäesche Règlement vum 17. Juni 2014 Rechnung. Dëse Règlement ass e sougenannte Règlement d'exemption.

Här President, wat heescht dat? Op europäeschem Niveau ginn d'Statsbäihëlfe ganz kritesch gesinn. An am Prinzip muss all eenzel Statsbäihëllef fir d'Éischt der Europäescher Kommissioun notifizéiert ginn, fir en Accord ze kréien. Mat dësem Règlement d'exemption fallen déi Prozeduren ewech. Dat heescht, datt all déi Aiden, déi zu Lëtzebuerg am Kader vun der Recherche an Innovatioun vergi ginn an déi de Kritäre vun dësem Règlement d'exemption entsprechen, net méi mussen der Kommissioun notifizéiert ginn.

Wéi gesot, säit den 80er Joren hu vill Entreprises an och vill Instituter an Organismen, déi an der Recherche sinn, sech en Numm gemaach. Duerfir wëlle mer vun 1,16% vum PIB 2013 op 2,3% bis 2,6% vum PIB am Joer 2020 eropgoen. Duerch dëse Projet de loi ginn och besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber incitéiert, fir an d'Recherche an d'Innovatioun ze investéieren.

Des Weidere gëtt d'Spécialisation multisectorielle a prioritären Domänen oder an Domänen, wou Lëtzebuerg wierklech Virreider ka spillen, gepusht. Wéi et am Avis vun der Chambre de Commerce heescht, sinn déi Axes prioritaires: Matériaux avancés, Technologies durable, Technologies de la vie, d'Logistik, d'Technologie spaciales, de Secteur vum Automobil wéi och d'Informatiouns- an d'Kommunikationstechnologien.

Déi Aiden, déi kënnen ugefrot ginn, si fir d'Études de faisabilité technique, Aides à l'innovation zugonschte vun de Kleng- a Mëttelbetriber, Aidé fir jeunes entreprises innovantes, fir d'Innovation de procéder et d'organisation, fir d'Investissement an Infrastrukturen, déi d'Recherche facilitéieren oder erlaben, fir d'Investissement a sougenannte Pôles d'innovation, fir d'Gestioun vun dëse Pôles d'innovation a fir d'Participatioun u Programmer oder Initiativen en matière de recherche, de développement et d'innovation.

Aner wichteg Punkte sinn, datt de Partenariat tëschent Public a Privé renforcéiert gëtt, datt den Accès zu den Aidé simplifiéiert gëtt an datt och regelméisseg gekuckt gëtt, wéi den Effet bénéfique konkret vun deene verschidde Régimes d'aides ass.



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram





Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

De Montant vun den Aidë variéiert en fonction vun der Taille vun der Entreprise, vum Domän, an deem recherchéiert gëtt, vum Niveau de collaboration tëschent Entreprises an Instituts de recherche an en fonction vum Degré de diffusion vun dem Resultat, dat duerch d'Recherche erauskënnt.

Wie gëtt dës Aiden? Dës Aidë ginn zesumme vum Ministère de l'Économie an dem Ministère des Finances ginn. Fir verschidden Aidë muss fir d'Éischt och en Avis vun enger Commission consultative gefrot ginn.

De qualitative Kritär, fir eng Aide ze kréien, ass, datt dës Aide, wéi et am Artikel 14 vum Projet de loi steet, en Effet incitatif huet an den Develloppement an d'Diversification économique favorabel nuancéiert.

Wéi kann esou eng Aide ausgesinn? Et kann entweder eng Subventioun sinn oder sous forme vu Kapital oder sous forme d'Avance récupérable. Eng Avance récupérable ass e Prêt en faveur vun engem Projet oder engem Programm, deem a verschiddenen Tranchen ausbezueelt gëtt a wou d'Remboursementskonditiounen dovun ofhänken, wéi de Projet ausgeet. Et kann och sous forme vun enger Bonification d'intérêts, enger Garantie oder engem Prêt sinn. Dat hänkt vun deenen Domänen of, fir déi eng Aide ugefrot gëtt.

Här President, eng wichteg Roll kritt Luxinnovation, déi 1988 zu engem Groupement d'intérêt économique ginn ass, an déi ënnert dësem Projet de loi d'Missioun vun enger Agence de financement kritt. Ech weisen hei op eng Kritik vun der Chambre de Commerce hin, datt déi nei Missioun Luxinnovation net dierfen dovunner ofbréngen, weiderhin d'Sproochrouer an ee vun de groussen Ambassadeure vun der Recherche an Innovatioun hei zu Lëtzebuerg ze sinn.

Här President, ech hat et am Ufank vu menger Ried gesot: D'Innovatioun ass haut am Fong keen Nischeprodukt méi hei zu Lëtzebuerg. D'Innovatioun ass e wichteg Bestanddeel vun eiser Wirtschaft an et ass wichteg, datt mir Politiker regelméisseg a Betriber ginn, fir och gewuer ze ginn, wat fir eng Recherchen an Innovatiounen dës Betriber maachen. Mir als CSV maachen dat regelméisseg. An ech profitéieren hei vun der Tribün, fir och eng Keier ervirzesträichen, datt bei eis am Osten, also am ländleche Raum, eng ganz Rei Betriber sinn, déi vill an d'Recherche investéieren an déi ee vun de Leaderen an hirem Secteur sinn.

Wie weess zum Beispill, datt et zu Gréiwemaacher eng Firma gëtt, déi um europäeschen Niveau marktführend ass an der Hierstellung vu Fënstere fir ganz grouss Autosmarken? Wie weess zum Beispill, datt zu Gréiwemaacher eng Firma Deeler fir Hightech-Motorrieder produzéiert, déi se duerch vill Innovatioun a Recherche kreéiert hunn? Am Raum Mondorf, am Raum Jonglënster ginn et ganz vill Handwerksbetriber, déi speziell a Produktionslinnen innovéiert hunn. Zu lechternach gëtt et e berühmte Betrib, deem Deeler fir d'Loftfahrt oder d'Raumfahrt produzéiert, nëmme méiglech duerch Innovatioun a Recherche.

Et ass also d'Missioun vun de Politiker, also vun eis, Här President, Ambassadeure vun deene Betriber ze sinn, fir datt d'Leit dobausse sech bewosst ginn, wat eng top Betriber mer hei zu Lëtzebuerg hunn, a fir och d'Loscht bei deene Jonken ze kréieren, fir an d'Recherche ze goen, well do läit e groussen Deel vun der Zukunft fir eis Jugend a soumat vun eisem Land.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gloden. An nächst Riednerin ass d'Madamm Joëlle Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng performant Recherche a stänneg Innovatioun si wesentlech an onverzichtbar, fir kënnen nei Produiten ze entwéckelen, fir engem seng Produktiounsmethoden ze verbessern, fir d'Qualitéit, d'Eegenschafte vun engem Produit ze optimiséieren, fir e méi zolidd, méi liicht oder méi ekologesch ze maachen.

Jo, d'Recherche an d'Innovatioun sinn de Schlëssel, fir kompetitiv ze bleiwen. Wie sech hautdesdaags net weiterentwéckelt, wien net vun neien Technologie Gebrauch mécht, deem huet et schwéier, op engem globaliséierte Maart ze bestoen. Et ass gewosst, dass Lëtzebuerg während deene leschte Jore vill Efforte gemaach huet, fir seng Économie ze diversifiéieren. Dozou gehéieren och Secteure wéi d'ICT, d'Ekotechnologien, den Automobillsektor, d'Logistik, den eHealth, wou grad d'Recherche, d'Entwécklung an d'Innovatioun den A an den O sinn, fir kompetitiv ze sinn an et ze bleiwen.

Dofir goufen och, zu Recht, scho vill Ressourcen an d'Recherche an an d'Entwécklung gestach. An et si jo och genau dës Aktivitéiten, déi mer nach méi hei am Land ausbaue wëllen, dat, well se eng héich Plus-value mat sech bréngen kënnen. Eis éffentlech Recherchen, sief dat d'Uni, de LIST oder de Luxembourg Institute of Health, sinn net méi an de Kannereschong. Si fänken elo lues a lues un, méi räif ze ginn. An dofir ass et nëmme richtig, dass mir eis Efforten an der Recherche an an der Innovatioun intensivéieren.

Besounesch d'Fërdere vu Partnerschaften tëschent privaten Entreprises an eiser éffentlecher Recherche gëtt duerch dëst Gesetz verstärkt. Meng Partei huet sech scho laang fir eng méi effikass Koordinatioun op dësem Gebitt agesat. Dofir sinn ech frou, dass mer mat dësem Gesetz an déi richtig Richtung ginn.

Här President, d'Demokratesch Partei begréisst och, dass d'Recommandatiounen vun der OECD, vum Conseil vun der Europäescher Unioun a vum CES zu engem groussen Deel an dës Gesetzesprojet agefloss sinn. Esou ass et och wichteg, dass mir eis konkret Ziler setzen, dass mer e Plang hunn, wou mer hiwëllen.

Eis Regierung wëllt, dass hir Depensé vun der Recherche a vum Develloppement bis 2020 op 2,3% bis 2,6% vum PIB klammen. 2013 waren dës Depensen eréischt bei 1,16%. An ech si mer sécher, dass déi Ziler, déi mir eis gesat hunn, mat Hëllef vun dësem Gesetz ze erreeche sinn.

Et ass och bekannt, dass d'privat Depensen zu Lëtzebuerg fir d'Recherche an d'Entwécklung net héich genuch sinn. Dat ass besounesch bedenklech, wann ee weess, dass mir eng Rei vun internationale Betriber zu Lëtzebuerg hunn, déi technologesch héich präzis Produiten herstellen. Besounesch an der Industrie hu mir héich spezialiséiert Betriber, déi scho säit Joren hei zu Lëtzebuerg an d'Recherche investéieren.

Dëst Gesetz setzt dofir gezielt Incentiven, fir dass et fir dës Betriber och weiderhin interessant ass, zu Lëtzebuerg an d'Recherche an an d'Innovatioun ze investéieren.

Mat deenen neie Forme vun Hëllef wäerten awer och nei Entreprises dovunner profitéieren kënnen, besounesch kleng a mëttelgrouss Betriber, déi momentan nach net esou vill an d'Recherche investéieren.

Ech wëll elo net nach eemol an all d'Detailer vum Gesetzesprojet agoen, well de Rapporteur

dat schonn ausféierlech gemaach huet, mä ech begrëssen et ausdrécklech, dass mir mat dësem Gesetz Objektiver fixéiert hunn, an zwar net nëmme strategesch Objektiver, mä och quantifiabel Objektiver. Dat ass deen eenzege Wee, fir och erauszefannen, ob déi definéiert Strategie och hir Friichte droe wäerten. An et gëtt eis och d'Méiglechkeet, do nozebesseren, wou et néideg ass.

Mir hunn eis zum Beispill als Zil gesat, déi privat Depensé vun der Recherche a vum Develloppement bis 2020 vun 0,71% op 1,4% vum BIP ze erhéien. Mir wëllen, dass méi PPPen, also „public private partnership“, an der Recherche entstinn. Momentan entstinn där zéng d'Joer. Mir wëllen, dass et där bis 2020 20 d'Joer sinn. Mir wëllen, dass Exzellenzzentren entstinn. An d'Zil ass et, där bis 2020 véier hei zu Lëtzebuerg ze hunn, zwee Stéck scho bis 2018. Doniewent ginn och d'Prozedure vereinfacht, fir et de PMEen ze erméiglechen, méi einfach un dës Aiden erunzekommen.

Dëst sinn alles konkret an ambitiéis Ziler, mat deene mir herno constatéieren kënnen, ob se erreecht goufen oder net.

Här President, d'Demokratesch Partei ass frou, dass mir haut dëst Gesetz stëmme wäerten. Eis Betriber waarde scho laang drop, fir kënnen mat dësem neie Régime d'aides an d'Recherche, d'Entwécklung an an d'Innovatioun ze investéieren. Dëst Gesetz verbessert daitlech de Kader, fir esou Investissementer ze tätigen.

Dëst gesot, géif ech dem Rapporteur nach Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Elvinger. Nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grouse Merci un de Rapporteur fir dës mëndlechen a schrëftleche Rapport, dee wéi ëmmer ganz komplett war, an am schrëftlechen Deel kann ee sech dovun och absolutt iwwerzeegen.

RDI, Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun, dat ass e Kapitel, wat fir Lëtzebuerg eng grouss Wichtigkeet huet. Dat sinn eiser Meenung no u sech dräi wichteg Piliere fir Lëtzebuerg, fir d'Lëtzeburger Wirtschaft, a fir sech och kënnen vis-à-vis vun den Nopeschlänner ze positionéieren, ze behaupten an ze differenzéieren. Se si wichteg, fir dass an Zukunft en nohaltegt Wirtschaften zu Lëtzebuerg och wäert méiglech bleiwen.

déi gréng sinn also iwwerzeegt, dass d'Fuerschung zu Lëtzebuerg onbedéngt noutwendeg ass, onbedéngt muss sinn an och vun éffentlecher Hand muss ënnerstëtzt ginn. An dat weise mer net nëmmen doduerch, dass mer haut wäerten dat Gesetz hei stëmmen, dat hu mer och als Fraktioun gewisen, an zwar am Kader vum „Pairing Scheme: Politics meets Research“, wou mir als déi gréng eben och mat dräi Deputéierte vun am Ganze 17 ganz gutt vertrauten an engagéiert waren.

Et ass also fir déi gréng e staarkt Uleies, fir d'Fuerschung zu Lëtzebuerg ze stäerken. Sief et d'Grundlagefuerschung op der Uni an an den Instituter, sief et awer och déi ugewannte Fuerschung an der Privatindustrie an an de PMEen. An déi zwou Fuerschungssparten, sief et elo éffentlech a privat oder och déi zwee Deeler Grundlagefuerschung respektiv ugewannte Fuerschung, déi mussen zu Lëtzebuerg nach vill méi staark zesummefannen.

An duerfir begrëisse mer och ausdrécklech d'Zilsetzung, déi an dësem Projet de loi matdrasteet, an zwar d'Verduebelung vun de Kollaborationsprojeten, privat an éffentlech, déi vun haut zirka zéng pro Joer op 20 pro Joer an der Strategie 2020 sollen uwuessen.

Déi verschidden Hëllef, déi an dësem Projet de loi hei proposéiert ginn, déi huet de Rapporteur u sech schonn am Detail virgestallt, an och deen neie Rôle, deen u sech Luxinnovation GIE soll iwwerhuelen, an duerfir wäert ech hei elo net méi am Detail drop agoen.

Ech wëll awer hei ee ganz kuerze Bilan maachen, d'Resultater opweise vun deem leschte Promotiounsgesetz 2009. Dat huet Resultater bruecht, déi moosbar sinn an déi sech och weise loossen. De Budget public fir d'Recherche an d'Entwécklung ass vun 2009 bis 2015 bal verduebelt ginn, mat am Moment fir 2015 380 Milliounen Euro. Bemierkenswäert ass dobäi, wann een dat e bësse méi genau kuckt, dass de Beräich Santé deen éischten un der Stell ass, an zwar mat net manner wéi 80 Milliounen Euro fir 2015. An als zweete Secteur kënnt u sech do d'Education mat 45 Milliounen Euro. Nëmmen den Ëmweltberäich

ass säit all deene Jore mat zirka 8 Milliounen Euro stabill oder ganz liicht zrëckgaangen, wat eis als déi gréng natierlech net kann zefriddestellen. Mä wat net ass, ka jo nach kommen. An ech mengen, wann ee kuckt och am Kader vum Verloscht vu Biodiversitéit, déi eng Realitéit ass, vum Klimawandel, vun der Strategie Rifkin, da wäert an Zukunft d'Fuerschung am Ëmweltberäich och fir Lëtzebuerg a fir ganz Europa ëmmer méi wichteg ginn.

An duerfir sollte mir hei zu Lëtzebuerg eis Capacitéiten an dësem essenzielle Beräich och vergréisseren a stäerken a Lëtzebuerg zum Virreider an Europa maachen. A mir si scho Virreider a verschiddene Fuerschungsprojeten. An ech wëll just ganz kuerz dräi Beispiller opzielen. Dat eent, wat eis als déi gréng ganz noläit, dat ass de Fuerschungstull vun TDK op der Uni Lëtzebuerg, déi u sech Virreider sinn a wou Der och ganz regelméisseg d'Publikatiounen op deenen entspreche Sitten fannt, sief et an der Dünnschichttechnologie, sief et an der Erhéijung vum Rendement vu Fotovoltaikzellen, sief et awer och an de Konzentratorzellen. Dat ass also Energieproduktioun.

Dann hu mer ee Volet, wou mer och ganz staark vertraue sinn. An net méi spët wéi d'lescht Joer ass u sech de Lush Prize vun de Kosmetikhersteller un ee Lëtzeburger Fuerscher vergi ginn, an zwar vun der Uni Lëtzebuerg an der Biomedezinn. Dat ass de Pranjul Shah, een indesche Fuerscher, deem hei zu Lëtzebuerg ënnerwee ass. A wat huet e gemaach? En huet u sech den Daarm nogebilt. An zwar e künstlechen Daarm - a wat u sech dann an dee Volet erageet, dass mer kënnen d'Déiereversich zrëckschrauwen -, wou ee kann d'Interaktioun zwësche Bakterien an den Daarmhait simuléieren. An deen och absolutt weeweisend ass fir d'Fuerschung zu Lëtzebuerg. An duerfir ass dat och ee Volet, deem eis als déi gréng absolutt um Häerz läit, fir ze kucken, dass een dee Volet vun der Fuerschung un Déieren esou kleng wéi méiglech kann halen respektiv komplett dorop verzichten kann. Also Kosmetik ouni Déiereversich.

En drëtt Beispill, fir awer och ze weisen, dass d'PMEE méi wéi aktiv sinn: ALT, Advanced Logic Technology, dat ass eng PME, déi am Kanton Réiden an der Zone d'activité économique gesidelt ass, an der SOLUPLA, déi u sech féierend ass an der Sensortechnik am Ëmweltberäich, déi souwuel d'Software wéi d'Hardware do op der Plaz entwéckelen an ugewannte Fuerschung do bedreiwen. Och dat si Beräicher, wéi mäi Virriedner virdru gesot huet, vun deene guer net esou bekannt ass hei zu Lëtzebuerg, dass mer do PMEen a kleng Entreprises hunn, déi ganz vir bäi sinn an der Fuerschung.

Ech war och selwer erstaunt, wéi vill Leit hei zu Lëtzebuerg an dësem Secteur schaffen. An zwar fir d'Joer 2015, d'Statistike weisen dat, waren dat ëm déi 5.600 Leit. D'Halschent dovun si Fuerscher, also Leit mat ganz héije Qualifikatiounen. Een Drëttel sinn Techniker, déi do musse matspillen. An natierlech och d'administrativ Personal, fir u sech déi Fuerschungsprojeten zu Pabeier ze bréngen respektiv déi ganz Gerance ze maachen.

D'Fuerschung zu Lëtzebuerg ass also och ee Garant fir Aarbechtsplazen, op allen Niveauen, ech hat scho gesot: Fuerscher, Techniker, Leit am administrative Beräich. D'Fuerschung zu Lëtzebuerg garantéiert och, dass mir an Zukunft nohalteg Aarbechtsplazen hei an alle Wirtschaftszweiger kënnen zu Lëtzebuerg halen an och an eise PMEen. An duerfir ënnerstëtze mir als déi gréng d'Fuerschung zu Lëtzebuerg. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Anzia. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Ech wollt just am Numm vun der ADR och eis Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Reding. Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet d'Regierung d'Wuert: d'Madamm Statssekretärin Francine Closener.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Merci, Här President. De Corselet,



dee Bréissel den EU-Memberstaten undet, wann et drëm geet, de Betriber mat finanziellen Hëllefën ënnert d'Aerm ze gräifen, dee Corselet gëtt ëmmer méi enk. Trotzdem bleibt nach Sputt. An dee Sputt notze mir gär als Wirtschaftsministère voll aus, sief et fir déi méi grouss Entreprises, sief et awer och fir déi kleng a mëttelgrouss Betriber, déi iwwer 99% vun eise Tissu économique ausmaachen, ze ënnerstëtzen.

Eng Wirtschaft, déi och muer an iwwermuer nach wëllt kompetitiv bleiwen, muss innovéieren. An déi Secteuren, déi mer zanter zéng Joer a méi zu Lëtzebuerg prioritär virundreiwen, fir eis Economie ze diversifiéieren, déi Secteure sinn ebe besonnesch innovativ an och fuersuchungsintensiv. Ob dat déi genannten Eko- a Biotechnologie sinn, den Automobilberäich, wou Der wësst, dass um Rouscht e ganz neie Campus entsteet, awer och d'Logistik, de Space an natierlech dee ganzen ICT-Secteur.

Déi Hëllef sollen awer och aner Betriber, sämtlech Betriber an alle Secteuren incitéieren, duerch RDI hiert Iwwerliewen, hir Kompetitivitéit ofzesécheren. Fir Hëllefën am Beräich RDI ze ginn, gouf et bis elo zwee verschidde Gesetzer, op déi sech baséiert gouf: eent fir d'Aiden aus dem Wirtschaftsministère an eent fir d'Aidë vum fréiere Mëttelstandsministère.

A vu dass déi zwee Ministère jo elo zesummegehéieren, ass et och normal, dass et just nach ee Gesetz gëtt fir sämtlech Hëllefën am Beräich Fuerschung an Entwécklung respektiv Innovation.

D'Fro, déi sech stellt, wann een Hëllef gëtt, ass natierlech: Wat bréngt dat, éischters, dem Land an, zweetens, wat bréngt et dem Betrib? Waren déi Suen eigentlech och gutt investéiert? Déi Fro brauchen eben Äntwerten. An duerfir gi mer och an eng nei Bewäertungslösigk eran, an een neie Bewäertungssystem, dee mer aféieren, deen et haut net gëtt.

Déi dräi grouss strategesch Objektiv goufe genannt.

Éischters ass et néideg, dass d'Privatbetriber méi an d'Fuerschung investéieren. Am grouss Ganze stëmmt et, dass mer ambitiéis Ziler hu fir 2020. Ech wëll dozou awer och dem Rapporteur soen, dass mer schonn eng Kéier bei 1,8% waren. Allerdéngs, wéi d'Kris du komm ass, ass dee Percentage zrëckgaangen, well, et ass kloer esou, dass et ëmmer an enger Kris esou ass, dass an der Fuerschung an an der Innovation d'Betriber als Éischt spueren. An dat gëllt besonnesch an der Finanzindustrie, wou do méi op d'Brems gedréckt ginn ass; manner an der Industrie tel quel.

Zweetens brauche mer Partenariater tëscht privaten Entreprises an der öffentlecher Fuerschung. Och dat ass scho gesot ginn. A mir wëlle besonnesch de PMEën hëllefën, méi ze innovéieren. Duerfir muss den Accès fir déi Hëllef vill méi einfach ginn, vill besser ginn. Duerfir vereinfache mer eben och d'Prozeduren a leeë verschidden Hëllefën zesummen.

Ee Wuert nach vläicht zu Biotech. Et stëmmt, de Secteur brauch méi Invest an d'Fuerschung, fir méi Entreprises unzezéien. Anerersäits gouf awer schonn intensiv um Ekosystem geschafft, wann ech nëmmen d'House of BioHealth nennen, wou d'Entreprise sech ugesidelt hunn, wou mer jo schonn an enger zweeter Phase sinn, fir ze vergréisseren.

Et muss een och soen, dass Projeten, wéi den HPC, den „high performance computing“-Projekt, dee muer zu Roum wäert ënnerschrivwe gi mat der Bréisseler Kommissioun, oder Projekte wéi den Nationale Composite Centre, dass dat natierlech Projekte sinn, déi eise Fuerschungszenter, Fuerschungsstanduert hei zu Lëtzebuerg extrem stäerken, dass mer och do eppes maache fir eis Reputatioun an Europa an dorüwer eraus, a virun allem och direkt Aarbechtsplaze schafen. Eleng mam HPC-Projekt kommen 200 Aarbechtsplazen direkt op Lëtzebuerg derbäi.

Da bleibt awer och d'Fro vum Volet vum eenzelne Betrib, déi sech stellt. Huet de Betrib mat Hëllef vun de staatleche Subventiounen dann effektiv och säin Zil erreecht? A fir dat ze moossen, ginn nei Indicateuren agefouert. Déi hänken natierlech vun der Zort vum Projet of. Dat kann den Émsaz sinn, dat kann den Emploi sinn, d'Steigerung vun der Produktivitéit oder anerer. An op Basis dovunner, vun deenen Indicateuren, kucke mer dann, ob d'Firma dat erreecht huet, wat se wollt; an dat bis zu fënnf Joer nodeems de Projet ofgeschloss gouf. Mir wëlle regelméisseg een Echantillon vu fäerdeg

Projeten, déi mer finanziell ënnerstëtzt hunn, esou moossen.

Wat gëtt subventionéiert? Abee am Fong déi ganz Innovationschaîne, Projeten a Programmer am Beräich RDI, awer och Etüden, technesch Faisabilitéitsetüden, den zäitweiligen Detachement vun héichqualifiziertem Personal, zum Beispill aus engem Fuerschungszentrum bei eng privat Entreprise, d'Berodung an der Innovation, an och d'Protektioun vun der Propriété intellectuelle. Et gëtt also eng Aide, fir en neit Produkt ze protegéieren. Och dat ass e Beräich, deen ëmmer méi wichteg gëtt. An et gëtt och eng Hëllef speziell fir innovativ Startuppe vu maximal 800.000 Euro, fir Bréisselkonform ze ginn.

Et gëtt Hëllef fir nei oder optimiséiert Produktionsprozesser an d'Organisation vum Betrib. An nei ass och eng Aide fir Infrastrukturen am Beräich Recherche. Déi kann zum Beispill accordéiert ginn, wa sech eng Entreprise ee Fuerschungsequipement zouleet an dat duerno mat anere Partner, mat anere Betriber deelt.

Et gëtt natierlech awer och Hëllef fir e Pôle d'innovation, wann also ëffentlech a privat Akteuren op enger gemeinsamer Thematik schaffen. Ee Beispill, dat Der all kennt, ass Neobuild.

A wéi enger Form gëtt et déi Hëllefën? Natierlech bleiwen déi klassesch normal Subventiounen, déi direkt Subventiounen, bestoen, mä et kommen awer och nei Formen vu Bähëllefën derbäi. Et kann eng Avance accordéiert ginn. Startuppe kënnen een Apport en fonds propres kréien. An et ass awer och esou, dass Investitiounen a Fuerschungsstrukturen oder an Innovationspöle kënnen mat Statsgarantien, Präten oder Zënsbonifikatiounen ënnerstëtzt ginn.

An dann, wéi gesot, déi grouss Neierung ass natierlech och déi vun der Luxinnovation, dass déi national Promotiounsagence elo de Statut kritt vun enger Agence de financement. Déi Konventioun tëscht dem Ministère an der Agence ass amgaangen ausgeschafft ze ginn, fir déi genee Modalitéite festzeleeën.

Wat erwaarde mer eis elo un Demandë fir Hëllefën? Et kann een natierlech nëmme schätzen. Mir ginn dervun aus, dass bis d'Joer 2020 ronn 200 Milliounen Euro dierften u grouss Betriber an och d'PMEën ausbezuelte ginn am Beräich RDI.

Dann nach vläicht dee Punkt vum Régime fiscal fir Business angels, also déi Étude juridique, fir esou ee Regimm anzeféieren. Déi hu mer maache gelooss, déi ass fäerdeg. An d'Diskussione lafen eigentlech elo mam Finanzministère, fir ze kucken, wéi een dat am beschte kann ëmsetzen.

Här President, mat dësem neie Gesetz schafe mer d'Viraussetzungen, fir och an deenen nächste Jore weider finanziell Ureizer fir eis Betriber ze behalen, déi engersäits vu Bréissel akzeptéiert ginn, an anerersäits de Betriber d'Decisioun erliichten, fir méi a Fuerschung, Developpement an Innovation ze investéieren. Well nëmmen esou hu mer och eng Chance, fir déi ambitiéis Ziler, déi mer eis gesat hunn, ze erreechen. Duerfir sinn ech frou iwwert déi breet Zoustëmmung vun der Chamber a soe Merci fir d'Wuert.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Statsekreterin. Mir wärenda prett, fir zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6854 iwwerzegoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6854 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60 Participatiounen am Vott. 58-mol Jo. 2 Absentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger,

Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour iwwerzegoen, de Projet 7039 iwwert d'Veermaartung an d'Benotzung vu sougenannte Précurseurs d'explosifs. An d'Madamm Tess Burton, d'Rapportrice, wäert eis elo erklären, ëm wat dass et genee geet. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

7. 7039 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l'utilisation de précurseurs d'explosifs

Rapport de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de Projet de loi, deen ech lech hei presentéieren, ass den 31. August 2016 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider déposiert ginn.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, spezifesch national Elementer vun engem Reglement vum Europäesche Parlament a vum Conseil an eis lëtzebuergesch Gesetzgebung ëmzesetzen. Et geet drëms, fir souwuel de Verkauf wéi och de Gebrauch vun Ausgangsstoffen vun explosive Stoffen EU-wäit ze reglementéieren. D'EU-Reglement ass schonn en vigueur. Déi spezifesch national Elementer ginn hei elo preziséiert.

Mat dësem EU-Reglement reagéiere mir op de Problem vu Mëssbrauch vu sougenanntem Ausgangsmaterial vun explosive Stoffen. An anere Wierder: Et gëtt eng ganz Rei bestëmmt chemesch Stoffen, déi sech de grand Public ganz einfach am Handel ka besueren an aus deenen ee ka Sprengstoff, spréich Bomben, hirstellen.

Dës sougenannten Ausgangsstoffen goufen an der Vergaangenheet a ginn och aktuell vun Terroristen a Kriminellen bei Attentater agesat. Dofir ass d'Zil vun dësem Reglement, den Zougang zu dëse chemesche Produite fir de grand Public esou gutt wéi méiglech ze ënnerbannen. Dës Measure ass eng vu ville legislativen Äntwerten, déi d'EU gëtt op déi aktuell Terrorismusgefor an déi sëllegen Attentater, déi mat selwer gebastelte Sprengstoff vum regulären Handel getäteg goufen.

Déi chemesch Substanzen, déi hei viséiert sinn, ginn an zwou Kategorien ënnerdeelt. Déi éischt Kategorie enthält verbuede Substanzen, wann déi iwwer eng gewësse Konzentratioun erausginn. An an där zweeter Kategorie ginn dann all déi Substanzen opgelëscht, déi bei enger verdähteger Transaktioun musse gemellt ginn. Mir schwätzen hei vun zwou Annexen, wou dës Substanzen opgelëscht ginn.

Et gëtt zwar schonn eng Rei gesetzlech Regelungen am Beräich vun Explosiven, souwuel um internationalem, europäeschem souwéi och um nationalen Niveau, mä dës Regelunge konzentréiere sech net wierklech op de Risiko vun deene sougenannten Ausgangsstoffen vun explosive Stoffen. An och déi bestoend Gesetzgebung sinn ënnerschiedlech zwëschen de Länner.

E konkret Beispill, wou Krimineller dovun Gebrauch maachen, dass d'Gesetzgebung vu Land zu Land ënnerschiedlech sinn, ass d'Beispill vun der ETA, déi grouss Quantitéite vu Sprengstoff, déi a Spuenien verbuede sinn, a Frankräich an a Portugal verstoppt hunn. An deem Sënn gouf eben decidéiert, fir dës spezifesch Matière op EU-Niveau ze reglementéieren, well dat eben net komplett vun den eenzelnen EU-State kann assuréiert ginn.

Wat ass dann elo konkret en Ausgangsmaterial vun explosive Stoffen? Zum Beispill Peroxyde d'hydrogène, besser bekannt ënnert dem Numm Waasserstoffperoxid, gëtt a grouss Mengen u Coiffeure verkaaft, kann awer och als Explosivstoff agesat ginn. Genauso wéi Am-

moniumnitrat, dat an der Landwirtschaft agesat gëtt, oder och den Nitromethan, dee bei der Benotzung vu bensinbedriwwene ferngesteuerte Spillautos benotzt ka ginn. Dës sinn nëmmen e puer Beispiller vu Stoffen, déi zougänglich si fir all Privatmann a fir e falsche Gebrauch mësbraucht kënnen ginn.

Här President, Lëtzebuerg huet sech fir en totale Verbuet ausgesprach a ralliéiert sech domat an déi belsch Gesetzgebung. Dat heescht, dass d'Afféierung, de Besëtz an de Gebrauch vu Stoffen, déi an der Annex 1 virgesi sinn, hei am Land verbuede sinn. Et gëtt also hei zu Lëtzebuerg och kee Régime de licence oder d'enregistrement, fir esou Substanzen beim Verkauf anzendoen. Ganzer zwielef Länner hu sech fir dës Regimm, also fir en totale Verbuet, ausgesprach, wat niewebäi och den administrativ einfachste System ass, fir dass dës Reglement a Kraaft kann trieden.

Komme mer elo zu deene verschiddenen Avisen.

D'Chambre de Commerce bedauert an hirem Avis déi relativ spët Ëmsetzung vun dësem europäesche Reglement, wat säit 2014 a Kraaft ass. Och wërft d'Chambre de Commerce d'Fro op, firwat Lëtzebuerg sech fir den totale Verbuet entscheet huet an de Régime de licence an de Régime d'enregistrement net mat iwwerholl huet. Dës géif et näamlech erméiglechen, dass eng Rei vun heefeg gebrauchte Stoffen awer kéinte benotzt ginn. Hei kann een nach emol preziséieren, dass de Gesetzesprojet virgesäit, dass eng Rei vu Substanzen weiderhi vum grand Public benotzt kënnen ginn. Dat awer just ënner enger gewëssener Konzentratioun.

De Statsrot huet de 27. Oktober 2016 säin éischten Avis ofginn, andeems hie sech zum Artikel 5 opposéiert huet. Hei berëfft sech de Statsrot op den Artikel 15 vun der Constitution an op den Artikel 8 vun der Europäescher Konventioun fir Mënscherechter a verlaangt, dass an dësem Artikel muss preziséiert ginn, dass am Fall, wou et e Verdacht gëtt, dass eng Persoun sech Zougrëff verschafft huet op gréisser Menge vun dësen explosive Stoffen an eng Hausvisitt duerchgefouert soll ginn, dës awer just mat engem Mandat vun engem Riichter méiglech ass.

Dës Demanden goufen an der Kommissioun och Rechnung gedroen. Allerdéngs ass d'Kommissioun enger anerer Demanden vum Statsrot net nokomm. A sengem Avis huet de Statsrot näamlech och recommandéiert, dass net, wéi virgesinn, d'Police grand-ducale den nationale Point de contact soll sinn, mä de Wirtschaftsministère. Dës Präferenz ass, wéi scho gesot, d'Kommissioun net nokomm, well de Wirtschaftsministère net déi néideg Kompetenzen huet, fir den nationale Point de contact ze sinn, esou wéi dat an dësem Gesetz virgesinn ass.

D'Ulafstell, fir esou Verdächter ka just d'Police grand-ducale sinn, well si déi néideg Disponibilitäten a Ressourcen huet. Zum Beispill misst de Ministère 24 Stonnen op 24 eng Ulafstell garantéieren, fir esou Verdächter unzuhuelen, wat awer de Moment net méiglech ass.

A sengem Avis complémentaire gëtt de Statsrot säin Accord zu dësen Erklärungen, wat den nationale Point de contact betrëfft, an hieft domadder seng Opposition formelle och op.

Voilà! Dës gesot, soen ech lech Merci fir d'Noleschteren a ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Burton. Éischt ageschrivwe Riederin ass d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken der Rapportrice e ganz grouss Merci fir hiren explizitte schrëftlechen an och mündleche Rapport.

Dës Gesetzesprojet setzt jo d'EU-Reglement 98/2013 a Lëtzebuerg Recht ëm an hätt eigentlech scho misse 2014 transposéiert ginn. Et ass e Reglement, wat d'Commercialisatioun an d'Benotze vu chemesche Produite regelt, déi nieft dem übliche Gebrauch awer, esou wéi d'Madamm Rapportrice dat och gesot huet, vun Terroristen benotzt ginn, fir dorauer ebe Bomben hirstellen an domadder Attentater ze plangen an och auszuféieren.

Bis dato war d'Gesetzgebung an der EU net eenheetlech. Munch Staten hu bestëmmt Produite verbueden, während se an anere fräi um Marché ze kréie waren. Mat dësem Reglement soll dann elo séchergestallt ginn, dass an alle Länner déiselwecht harmoniséiert Regele gellen, wat de Verkauf an d'Benotzen ebe vun dës